# 9. Europäeschen Dag vun de Sproochen

**26 September 2009**




De 26. September ass den ''Europäeschen Dag vun de Sproochen'', eng Iddi vum Conseil de l'Europe. Deen Dag ass déi éischte Kéier 2001 gefeiert ginn.

Et geet drëm ze weisen, wéi wichteg et ass Sproochen ze léieren. Wa mir vill Sprooche kënnen, da komme mir gutt an der Welt zuwee a mir si kapabel eis mat ville Mënschen ze verstännegen, heiheem, a ganz Europa, op der ganzer Welt. Mir mierken huerteg, datt de Räichtum an d'Diversitéit vun de Sproochen a Kulturen enorm ass. Aleng an Europa gëtt et iwwer 200 Sproochen, dobäi kommen nach déi Sproochen, déi d'Leit, déi vun anere Kontinenter stamen, hei schwätzen. Säi ganzt Liewe laang kann ee Sprooche léieren.

Am September 2008, fir den ,,Europäeschen Dag vun de Sproochen'', hat de Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle d'Aktioun ,,Erziel mer deng Geschicht'' am Préscolaire an am Primaire lancéiert. D'Kanner sollten eng Geschicht erzielen zu engem Bild vun der Illustratrice Muriel Moritz. Si hu selwer d'Sprooch vun der Geschicht gewielt, sinn awer och encouragéiert ginn d'Geschicht an hirer Mammesprooch mëndlech oder schrëftlech ze erzielen.

Dës Aktioun hat e grousse Succès. Et goufen 2600 Geschichten a 4 DVDen erageschéckt, dat Ganzt a 25 Sproochen.

E Kamerateam huet Opnahmen an enger Rei Klasse gemaach an et ass **en DVD produzéiert ginn, deen elo fir den ,,Europäeschen Dag vun de Sproochen'' an de Schoule verdeelt gëtt.**

Op dësem DVD fannt Dir 33 Geschichten, déi d'Kanner op Däitsch, Franséisch, Hollännesch, Lëtzebuergesch, Portugisesch a Serbo-Kroatesch erzielen oder virliesen. D'Enregistrementer si gemaach ginn an de Schoulen zu Äischen, Biissen, Bur, Diddeleng, Dikrech, Elveng, Ëlwen, Heischent, Hiefenech, Housen, Houwald, Ierpeldeng, Käl, Kietscht, Mäertert, Miersch, Munneref, Réimech, Rolleng (Lamadelaine), Schieren, Séll, Stroossen a Wäiswampech.

D'Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministesch fir Erzéiung a Beruffsausbildung, expliziéiert um DVD d'Konzept ,,Promotioun vum Liesen'' an der Grondschoul. Verschidden Deeg an Aktiounen, wéi den ,,europäeschen Dag vun de Sproochen'' (26. September), den Dag vum Buch (23. Abrëll), de Virlies-Concours (am Juni fir d' 5. Schouljoren) an d'Aktioun ,,Fabula Raconte-moi'' – Billerbicher fir déi Kleng – bidden eng gutt Geleeënheet fir d'Kanner- an d'Jugendbicher an de Mëttelpunkt ze stellen. D'Kanner sollen erliewen, wéi vill Freed d'Bicher - d'Kucken, d'Liesen, d'Virliesen an d'Nolauschteren - maachen.

Koordinatioun : Jeanne Offermann a Josiane Schaul (SCRIPT)